## ***RaRo-Wuecht Legends, als Virbereedung op eng Verspriechensfeier***

fräi no : ***Paddel däi Kanu*, LGS-Dossier 2, S. 42-47.**

**Virbemierkungen :**
Eng RaRo-Wuecht ass eng traditionell, méi besënnlech, RaRo-Aktivitéit. D'RaRo maache sech während der Nuecht eleng oder zu zwee op de Wee a setze sech ënnerwee mat engem (normalerweis méi perséinlechen) Thema ausernaner. Ënnerwee kréie si op originelle Statiounen Ustéiss zum Thema. Meeschtens gëtt d'Wuecht bei engem flotte Lagerfeier oder jiddefalls am grousse Krees ausklénge gelooss.
An deem Krees kann dann d'Verspriechen gemaach ginn an duerno mat engem gudde Maufel gefeiert ginn.

**Viirbereedung :**
De Wee vu 5 bis 10 km muss ofgetréppelt a (méiglecherweis mat Stuerm-Käerzen) däitlech markéiert sinn, fir datt d'Leit net zevill mam Wee beschäftegt sinn a sech wierklech kënne "goe loossen".
D'Statioune musse kloer markéiert, opgeriicht a je nodeem besat ginn.


**Oflaf :**
D'Leit ginn no enger Stäerkung an engem Ofstand vun ca. 10 Minuten eenzel an d'Däischtert op de Wee geschéckt. Um Départ kréie si gesot, datt si sech elo mat hirem eegenen Engagement an hirem Liewensprojet kënnen ausernanersetzen an ënnerwee e puer Ustéiss fir hir Iwwerleeunge kréien.
Si sollen eng Täscheluucht, eng Weekaart (als Sécherheet) a gudd Schong dobäi hunn.
D'Käerze markéieren hire Wee.
Op all Statioun kréie si op ënnerschiddlech Aart a Weis eng Legend vermëttelt. Aus dëser ginn dann eng Rei Iwwerleeungen zum Thema "Engagement/Verspriechen" gezunn.

**Material :**
- Käerze fir de Wee ze zeechnen
- 1 (Nout)Kaart pro Equipe
- pro Posten : 1 Résumé vun der resp. Legend (ev als MP3 fier ze lauschteren)
- pro Posten + pro Kandidat : 1 Blat mat Denkustéiss fir auszedeelen um Posten
- Posten 1 : Fakelen
- Posten 1 : Schnouer c. 20m
- Posten 2 : Këschte fir Këschteklammen + Seel + Sécherheets- a Klammmaterial
- Posten 3 : Lidd fir Atmopshär ze schafen + Geschicht vum Melusina + Apparat fir et ze spillen/lauschteren/…
- Posten 3 : Text vum Verspriechen
- Posten 4 : Material fir e Feier op der Plaz ze maachen + ënnerhalen + propper ze läschen
- Posten 4 : Material fir eppes ze bastele fir Kuelen aus dem Feier ze huelen (Béchsen/Dousen, Neel, Drot, etc.). Händchen !
- Posten 5 : Fakelen

**D'Posten 1,2 4 musse besat sinn. Ideal wier, wann se all besat sinn.**

**1. Statioun :"Theseus" oder "Hunn ech e roude Fuedem ?"**
Départ : eng Plaz wou Fakele stinn.
De RaRo geet vun hei aus enger Schnouer 10-20 Meter wäit no.
Um Enn vun dëser Schnouer kritt hien/hatt d'Geschicht vum Theseus erzielt (Posten oder Ophuelen a Lauschteren).

| | |
|---|---|

| **Résumé vun der Geschicht :** | **E flotte Résumé fënns du an dëser *Bande dessinée* :** |
| --- | --- |
| *Den Theseus ass de Jong vum Mieresgott Poseidon.*<br>*Säi mënschleche Papp ass de Kinnek vun Athen. De Kinnek vun Athen gëtt erpresst.*<br>*De Minos, Kinnek vu Kreta, verlaangt all 9 Jor, datt 7 jonk Männer a 7 jonk Fraen vun Athen op Kreta bruecht ginn. Do gi si an d'Labyrinth vum Minotaurus gehäit a vun dësem Monster (Hallef Stéier, hallef Mënsch/Ris) gefriess. Wann Athen dëst Affer refuséiert, kritt et d'Roserei vum Gott Zeus ze spieren. Also gëtt gefollegt.*<br>*Den Theseus fiert mat op Kreta. Virum Labyrinth kritt hien heemlech eng Schnouer vum Ariane, der Duechter vum Kinnek Minos. Hie mécht de (roude) Fuedem an der Entrée vum Labyrinth fest, fënnt de Minotaurus a mécht d'Monster dout. Mat Hëllef vum Fuedem fënnt hien de Wee raus aus dem Labyrinth. Domat si seng Frënn gerett.* | Luc Ferry / Clotilde Bruneau / Mauro De Luca, *Thésée et le minotaure. La sagesse des mythes*, Glénat, 2016.<br><br> |

Retour bei d'Fakelen : De RaRo kritt elo seng Aen mam Foulard verbonnen. Mat Hëllef vun der Schnouer muss de RaRo de Wee zréck bei d'Fakele fannen, déi säin Zil am Liewe symboliséieren.


Zum Schluss kritt de RaRo e Blat mat e puer **Denkustéiss** fir ënnerwee :

- *Wéi ëmfannen ech mäi Liewen : als e Labyrinth oder als e riichte Wee mat engem Zil ?*
- *Hunn ech wéi den Theseus e roude Fuedem a mengem Liewen oder loossen ech alles komme wéi et kënnt ?*
- *Dréit mäi Wee och zum Gléck vun anere bäi oder kucken ech just, fir eleng u mäin Zil ze kommen ?*
- *Kéint ech haut och Monstere begéinen, déi Mënsche friessen ? Wéi heesche si ? Wat ënnerhuelen ech géint si ?*

**<u>2. Statioun:"Ikarus" oder "Wéi séier verwierklechen ech mäin Ideal?"</u>**

Zil : seng eege Grenzen erfueren + seng Grenze selwer bestëmme léieren.
Mat enger Rei Këschte soll de RaRo en Tuerm bauen an erop klammen.
Wichteg : Jidderee bestëmmt selwer, ob hien/hatt dësen Tuerm séier héich baut oder lues an duerfir mat engem zolitte Fundament, an och wéi héich hien/hatt wëllt bauen.
**Hien/Hatt ass beim Eropklamme mat engem Bodrier ofgeséchert !**

Nom Klammen, kritt hien/hatt op engem Blat d'Legend vum "Ikarus" mat e puer Denkustéiss fir ënnerwee :

| | |
|---|---|
| **Résumé vun der Geschicht :**<br>*Den Daidalos ass den Erfinder vum Labyrinth vu Kreta wou de Minotaurus dran agespaart war. Hien hat dem Ariane de roude Fuedem ginn… Den Daidalos a säi Jong Ikarus ginn am eidele Labyrinth agespaart. Fir aus dem Labyrinth a vun der Insel Kreta ze flüchten, baut den Daidalos Flilleken aus Wues, Plommen an de Schanke vun den Affer vum Minotaurus. Si übe sou laang, bis si kënnen dermat fléien… Ënnerwee ass den Ikarus sou faszinéiert vu sengem Geschéck an der Loft, datt hie muttwëlleg gëtt. Hie vergësst sengem Papp seng gudd Rotschléi a flitt ze no bei d'Sonn. Duerch d'Hëtzt schmëlzt de Wues an den Ikarus fällt rof an d'Mier a stierft.* | **E flotte Résumé fënns du an dëser *Bande dessinée* :**<br>Luc Ferry / Clotilde Bruneau / Giulia Pellegrini, *Dédale et Icare. La sagesse des mythes*, Glénat, 2018.<br> |

**Denkustéiss :**


- *Kenns du deng Grenzen ?*
- *Wéi verwierklechs du deng Idealer ?*
- *Wëlls du si séier erreechen oder Schrëtt fir Schrëtt ?*
- *Riskéiers du zevill oder ze mann ?*
- *Bass du schonns eng Kéier déif gefall ? Wat huet dech opgefaang ? Wat huet dir Kraaft ginn ?*

**<u>3. Statioun : “Siegfrid a Melusina” oder “Halen ech mäi Verspriechen ?”</u>**

Astëmmung an d’Atmosphär : wann de RaRo op d’Statioun kënnt, héiert hien/hatt de mëttelalterleche Gesang vun enger Fra (z.Bsp. “Vision”, eng moderniséiert Fassung vun engem Lidd vum Hildegard vu Bingen). Hien/hatt geet dëser Musek no a begéint enger Persoun, déi him d’Geschicht vum Siegfrid a Melusina erzielt :

**Résumé vun der Geschicht :**

*De Grof Siegfrid mécht alles, fir seng grouss Léift, d’Melusina, ze bestueden.*
*De Siegfrid hat hatt gesinn, wéi hatt beim Bockfiels gesongen huet.*
*Duerch säi schéine Gesang huet hatt direkt säin Häerz gewonn.*
*Leider däerf hatt dës Plaz net verlossen. Duerfir baut de Siegfrid mat der Hëllef vum Däiwel e Schlass op de Bock. Hien akzeptéiert och d’Bedingung, datt d’Melusina sech all Samschdeg a seng Räim däerf zréckzéien an datt keen hatt dann däerf gesinn.*
*De Siegfrid féiert e glécklecht Liewe mam Melusina an huet vill Erfolleg.*
*Me, enges Dags hält hien säin Fuerwëtz net méi aus. Hie schläicht sech Samsdes am Melusina seng Kummer a gesäit, wéi hatt sech bued – hatt ass hallef Fra, hallef Fësch !*
*Wéi hatt de Siegfrid entdeckt, jäitzt hatt a verschwënnt fir ëmmer am Waasser vun der Uelzecht. Domatt huet de Siegfrid säi Gléck fir ëmmer zerstéiert.*




No dëser Legend kritt de RaRo den offiziellen Engagementstext vun eisem Verband ze liesen.

Dobäi kritt hien e puer **Denkustéiss** zu dëser Legend :

- *De Siegfrid huet sech engagéiert an ass doduerch glécklech ginn.*
  *Me hien huet säi Wuert gebrauch / säi Verspriechen net gehal an huet sou säi Gléck zerstéiert.*
  *Wëlls du däi Wuert halen ? Bleifs du dengen Idealer trei ?*
- *Wéivill Vertrauen hues du an dech an an deng Fähegkeeten ?*
- *De Sigfried léisst sech vum Däiwel hëllefen. Watfier „Däiwelen“ bass du scho begéint oder laueren op dech? Léiss du der vun hinnen hëllefen? Wat sinn hier Bedingungen? – oder kanns du widerstoen a ereechs deng Zieler ouni si?*
- *Wat as däi Liewenssënn ? Iwwerhëls du VerANTWORT-ung, oder iwwerléist du dat deenen aneren ?*

**4. Statioun: "King Arthur" oder "Brennen ech fir d'Gerechtegkeet ?"**
De RaRo liest fir d'éischt a Rou d'Geschicht vum King Arthur (eventuel an engem Comic).

| | |
|---|---|
| **Résumé vun der Geschicht :**<br>*Den Arthur ass deen eenzegen, deen et fäerdeg bréngt, d'Schwert "Excalibur" aus engem Steen ze zéien. Souguer Ritter, déi méi staark waren, hunn dat net fäerdeg bruecht.*<br>*Duerfir kritt hie sengem Papp säin Troun a gëtt Kinnek vu ganz England. Hie suergt fir Fridden a Gerechtegkeet a sengem Räich, zesumme mat senge Ritter vun der Table ronde. Hien ass bekannt fir seng Ritterlechkeet/Dugenden (Courage, Éierlechkeet, Intégritéit…).*<br>*A sengem Bestietnis mat dem schéine Guinièvre huet hien net sou vill Gléck… Mat Momenter huet hie Problemer fir säi Wee ze fannen. Hie lauschtert dann och net op déi gutt Réit vum Merlin a senge Ritter.* |  |


De RaRo kritt duerno d'Aufgab, fir mat enger Dous an enger selwergebastelter Konstruktioun Kuelen aus engem Feier ze huelen.

Da kritt hien/hatt een Ziedel mat **Denkustéiss** zum Thema Verspriechen/Engagement :

- *Brenns du fir d'Gerechtegkeet ?*
- *Bass du bereet, fir een aneren d'Kuelen aus dem Feier ze huelen ?*
- *Wëlls du anerer "aus der Däischtert an d'Liicht" féieren ?*
- *Wëlls du deng Talenter notze fir eng grouss Saach ?*

**<u>5. Statioun : "Den hellege Graal" oder "Wat ass mir helleg am Liewen ?"</u>**
D'Statioun ass mat Fakele beliicht.
De RaRo kritt op der dëser Statioun, d'Legend vum hellege Graal erzielt.

**Résumé vun der Geschicht :**
N.B. Et gi méi Versioune vun dëser Legend !
*De Parzival war den 1. Ritter vun der Table ronde, deen op d'Sich nom Hellege Graal gaang ass. Vill anerer hu sech op dës Sich gemaach, me just e Mënsch, dee « réng » ass, wäert de Graal kënne fannen.*
*Wat de Graal ass, wees keen. Et bleift ëmmer e Geheimnis. Et gëtt erzielt, datt et de Kessel vum keltesche Gott Dagda wier, deen éiwescht Liewe géif ginn. Et kéint genee sou gutt e Kielech si mat Blutt vum gekräizegte Christus. Verschidde Geschichte verspriechen deem, deen de Graal fënnt, grouss Muecht : Muecht fir ze heelen, Muecht fir ze verzeien, d'Fähegkeet Gott ze erkennen an d'éiwegt Liewen.*
*Et gi genee souvill Interpretatiounen, wéi et Leit gouf, déi sech op dës Quête gemaach hunn.*



- Wat ass däin „hellege Gral"? Wouhier kriss du Kraaft an Energie, kanns du deng Reserven opfëllen? Wou / wéi kënns du zur Rouh? Wat/ wen hëlleft der, wann et der schlecht geet? Wat hëlleft der Entscheedungen ze treffen?
-
- No dëser Erzielung soll sech de RaRo mam Verspriechenstext/Engagementstext ausenaner setzen.

Hien/Hatt soll a Rou säin eegent Versprieche schreiwen.
Hien/Hatt kritt un d'Härz geluecht fir herno beim Lagerfeier virun allen anere RaRo säi perséinlecht Versprieche virzedroen.

Op dëser Statioun dierfen d'Leit (wa si wëllen) op den nächste RaRo waarden a mat dësem zesumme bis bei d'Lagerfeier goen

**→ Wann dee läschten agelaf ass, kann eng Verspriechensfeier gehal ginn.**